

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

12. 8119 – Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Principauté d'Andorre portant reconnaissance réciproque et échange des permis de conduire nationaux, fait à Luxembourg, le 22 mars 2022

Als nächste Punkt hu mer de Projet de loi 8119, en Accord mat Andorra iwwert déi géigesäiteg Unerkennung an den Austausch vu Führerschäiner. Op Proposition vum der Kommissioun gëtt no der Presentatioun vum der Madamm Rapportrice ouni Diskussioun iwwert de Projet de loi ofgestëmmt. An d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vum dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Jessie Thill.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

Mme Jessie Thill (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Mam Projet de loi 8119, deen de 16. Dezember 2022 vum Ausseminister Jang Asselborn deposéiert gouf, ratifizéiere mer de bilaterale Accord, deen den 22. Mäerz 2022 ënnerschriww gouf tëschent onsem Grand-Duché an der Principauté Andorra iwwert déi géigesäiteg Unerkennung an den Austausch vum den nationale Führerschäiner.

Haut schonn huet Lëtzebuerg änlech Memorandums of Understanding mat Hongkong, den Arabeschen Emirater an och Groussbritannien säit dem Brexit. Führerschäiner aus Länner aus dem Europäesche Wirtschaftsraum ginn hei zu Lëtzebuerg unerkannt, wann dës Länner d'Konventioun vu Genf vum 1949 iwwert d'Circulation routière oder déi vu Wien aus dem Joer 1968 iwwert de Stroosseverkéier ënnerschriwwen hunn. Ëmgedréint ass dat awer net ëmmer de Fall.

Fir hire Führerschäin an e lëtzebuergesche Führerschäin ëmschreiwen ze loossen, huet eng Persoun zwoelf Méint Zäit no hirer Arrivée zu Lëtzebuerg.

Andorra huet awer keng vun deenen zwou viregte Konventiounen ënnerschriwwen, duerfir kënnen d'Permisen och net einfach transkribéiert ginn. Mat dësem Accord awer ginn d'Reegele vun dëser Transkriptioun festgehalen an et gëtt déi géigesäiteg Unerkennung vun de Führerschäiner vun den zwou Länner agefouert.

De Staatsrot hat keng Observatiounen zum Projet de loi an d'Chambre de Commerce begreist an hirem Avis dëse Projet de loi.

Zu den Aarbechten an der Kommissioun bleift ze soen, datt de Projet de 15. Juni 2023 an der Kommissioun virgestallt an examinéiert gouf an ech selwer zur Rapportrice bestëmmt gouf. De schrëftleche Rapport, op deen ech och fir weider Detailer verweisen, hu mer den 22. Juni 2023 eestëmmegeg ugeholl. A wéi vun dem Här President scho gesot gouf: Well et eng grouss unanime Zoustëmmung gouf, ass dunn decidéiert ginn, dass et keen Debat géif ginn.

Ech soen Iech Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Villmools Merci, Madamm Rapportrice Jessie Thill.

D'Regierung huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President. Ech soen der Madamm Thill Merci fir den exzellente Rapport an och fir d'Zoustëmmung, huelen ech un, vun der Chamber.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Minister. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8119. Den Text steet am Document parlementaire 8119³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8119 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmegeg ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

13. 8167 – Projet de loi autorisant le Gouvernement à financer l'acquisition, l'opération et la maintenance d'environnements cloud spécialisés, dénommés « Luxembourg Cyber Defence Cloud », ainsi que ses composantes et services connexes

De leschte Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 8167 iwwert d'Finanzéierung, den Ënnerhalt an d'Gestioun vun der Luxembourg Cyber Defence Cloud. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vum dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Stéphanie Empain.

Rapport de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

Mme Stéphanie Empain (déi gréng), rapportrice | Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir

Hären, Här Minister, mir hunn haut erëm e Finanzéierungsgesetz an der Defense virleien. An nodeems mer rezent e Projet gestëmmt hunn, wou et ëm de Satellitteberäich gaangen ass ...

(Brouhaha)

Et ass iergendwéi haut, ech weess net, iergendeppes an der Loft, d'Leit hunn en enorme Besoin, ze kommunizéieren ënnerteneen.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Mir lauschteren no.

Mme Stéphanie Empain (déi gréng), rapportrice | Dir lauschtert ëmmer no. Jo, et ass ...

M. Fernand Kartheiser (ADR) | All Wuert!

(Brouhaha)

Mme Stéphanie Empain (déi gréng), rapportrice | Voilà, nodeems mer rezent e Projet gestëmmt hunn, wou et ëm de Satellitteberäich gaangen ass, stëmme mer haut e Projet aus dem Beräich Cyber. Mir hu jo eng Spacestrategie a mir hunn eis och 2021 parallel dozou eng Cyberstrategie ginn. An dëst Dokument stécht dann och de Kader of fir d'Evolutioun vun der lëtzebuergescher Defense am Beräich vun der Cyberverdedegung. De Projet vun haut, dee mer haut wäerte stëmmen, reit sech also an dës Cyberstrategie an a stellt nieft der „Cyber Range“, déi schonn en place ass, en zweete Projet duer, fir dës Strategie mat Liewen ze fëllen.

Wat sinn elo déi grouss Ziler vun dësem Projet op laang Siicht? Et geet drëm, eis Defense ze cybersecuriséieren an domadder Virreider an der EU an an der NATO ze ginn. An et geet natierlech och drëm, eis eng Expertis opzebauen an deem Beräich, déi mer dann och kënnen un eis Partner weiderginn. Natierlech geet et och drëm, eis konform ze setze mat den Ufuerderungen, déi mer op internationalem Niveau imposéiert kréien. A mir mussen natierlech och eng Äntwert op déi digital Transformatioun fannen, déi sech extrem schnell entwéckelt. Munchmol brauch een och extrem staark Rechecapacités, zum Beispill bei Analyse vu Cyberattacken, an och do kann déi Cloud hëllefen, well se dat eebe bidde kann.

Wéi sech dat elo genau an der Praxis deklinéiert, dat ass eng ganz techesch informatesch Geschicht. Ech wäert versichen, dat an einfache Wieder eng kéier plus/minus erëmzeginn. Et handelt sech hei ëm eng net effentlech Cloud, déi zu Lëtzebuerg hebergéiert ass an déi d'Méiglechkeet bitt, héich sensibel a klassifizéiert Donnéeën ze stockéieren an och ze traitéieren. Privat Clouds sinn net iwwert den Internet erreechbar, hir Leitunge sinn dedizéiert fir den Endnotzer reservéiert, soudass keen aneren dorobber zrëckgräife kann. Hir Stockage- a Rechecapacités sinn evolutiv, kënnen sech also enger zukünftiger Demande dann och upassen. An als logistesche Ënnerstëtzung bei dësem Projet hu mer och hei op d'NSA zrëckgegraff, déi souwuel am Niveau vun der Acquisitioun, der Implementéierung wéi och der Exploitatioun wäert agéieren.

D'Luxembourg Cyber Defence Cloud wäert haapt-sächlech Projeten hebergéieren, déi zur Resilienz vu Lëtzebuerg bäidroen, also am Beräich vun de kritischen Infrastrukturen, déi duerch Cybermenacen och bedrot sinn, déi zum kollektiven Effort de défense bäidroen oder déi eis strategesch Objektiv an der Lëtzebuergescher Defense stärke wäerten. Fir dat mat e puer Beispiller ze ënnerleeën: Hei kéinten zum Beispill informatesch Solutiounen fir de Stockage vun numeresche Preuveen exploitéiert ginn. Et kënnen awer och Plattformen hebergéiert ginn, déi international, also gemeinsam exploitéiert ginn, zum Beispill am Kader vu multilateralen Acquisitiounsprojeten. Awer och de Stockage respektiv den Traitement vu sensibele Satellittebiller wär zum Beispill méiglech.

Domadder bréngt dës Cloud fir eng ganz Rëtsch vun nationalen an internationalen Acteuren eng Plus-value, wouduerch si hei eng On-Demand-Léiung ugebuede kréien an net selwer mussen eppes Eeignes an dësem héich technologiséierte Beräich opbauen. De Beneficiaire brauch sech also net mat der Komplexitéit vun der Gestiouen ze beschäftegen a ka sech ganz op déi Servicer konzentréieren, déi en hei dann hebergéiert kritt. D'Killung fir d'Waasser an de Stroumverbrauch kënnen hei dann och mutualiséiert ginn. Gréng Technologien, grénge Stroum sinn dann och garantéiert.

Wat gesäit dës Projet de loi elo konkret vir? Wéi gesot, et ass e Finanzéierungsgesetz, dat et der Regierung erlaabt, d'Acquisitioun an d'Exploitatioun vun dësem Projet ze lancéieren. Mat abegraff am Calcul vun de Käschte sinn d'Exploitatioun, d'Maintenance an d'Operatioun an d'Gestioun. Net mat abegraff sinn d'Gestiounskäschte vun den Environnementer, déi de Partner zur Verfügung gestallt ginn, an och d'Interkonnexiounen zu de Sitte vun de Partner sinn net mat abegraff. Dës zousätzlech Käschte wäerten ëmmer à charge vun de jeeweilege Beneficiairë sinn an d'Detailer dovunner ginn och dann ëmmer an de verschidene Accords techniques gereegelt.

Mir autoriséieren dann haut mat dësem Vott e Projet, deem e Maximum vun 250.360.323 Euro hors TVA dierf kaschten, dëst iwwer en Zäitraum vun zwielef Joer, also vun 2024 bis 2035, an dës Käschte lafen iwwert de Fonds d'équipement militaire. D'Käschten deele sech wéi folgt op: Et sinn d'Käschte fir d'Infrastruktur, wéi Serveren a Reseauen, dat sinn 127 Milliounen Euro; Projeten, déi mer schon identifizéiert hunn, fir an dëser Cloud hebergéiert ze ginn, dat si ronn bal 43 Milliounen Euro; Services connexes fir 22 Milliounen Euro an dann och nach de Finanzement vun enger Cloud fir d'NSPA, dat sinn nach eemol 58 Milliounen Euro.

Wat d'Aarbechten an der Kommissioun ubelaangt: Also de Projet, deem ass den 2. März 2023 an der Chamber deposéiert ginn. Mir hunn en de 6. März eng éischte Kéier an der Kommissioun presentéiert kritt. De Conseil d'État huet säin Avis den 31. März ofginn an hat keng Remarken ze formuléieren, an de Rapport gouf soumat den 22. Juni ugehall.

Mir gesinn an Zäite wéi dësen natierlech de Besoin, fir Projeten am Cyberberäich op d'Been ze setzen. Mir sinn numol keng Insel. Mir mussen eis konform setze mat de Realitéiten um Terrain a mat dësem Projet, dee kloer och multilateral ugeduecht ass, maache mer eng sënnavoll Kontributioun, net just fir eist Land, mee fir eis Partner allgemeng. An natierlech och mam Bléck op déi ganz Diskussioun ronderëm den Effort de défense si mer heimat och en ligne mat eise Engagement, fir eis och finanziell méi anzebréngen, dëst awer a sënnavolle Projeten, wou mir eis als klengt Land och sënnavoll kënnen matabréngen a wou mir och eng Plus-value schafe kënnen, wou mer och eng Expertis virzeweisen hunn.

Last but not least hëlleft eis dës Projet och, Lëtzebuerg als Standuert fir dës Beräich Cyber verstärkt an d'Fenster ze stellen an domadder och Talenter unzezéien. Dat sinn alles Argumenter, déi fir dës Projet schwätzen an an deem Sënn ginn ech heimatder och den Accord vun der grénge Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools der Madamm Rapportrice Stéphanie Empain.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf agedroen.

Discussion générale

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV) | Merci, Här Président. Ech mengen, d'Madamm Rapportrice huet e ganz ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport gemaach. Deem ass näischt bäizefügen. An ech kann och soen, mir wäerten dës Projet, wou mer 250 Milliounen iwwer zwielef Joer ouni TVA investéieren, ënnerstëtzen.

E läit an der Strategie, déi definéiert ginn ass vu Cyber a vu Space. Déi leschte Kéier virun de Walen hate mer e Spaceprojet hei, do war et schif ausgaangen. Ech hunn awer dës Kéier dat Gefill net, dass et esou geet. Ech mengen, deem hei Projet gesäit besser aus a mir wäerten deem dann och ënnerstëtzen, wéi mer dat an deem Beräich bis elo gemaach hunn, ëmmer ënnerstëtzt hunn.

Mir mussen natierlech kucken, wéi mer déi ganz Personalfroen do geléist kréien, dat gëtt net einfach, d'Personalausforderungen – du brauchst hei Informatiker, ech mengen, d'Rapportrice huet dat och schon ugeschwat. Ech hoffen, dass mer déi Leit fannen an dass déi Rechnung, déi mer hei maachen, dann och opgeet.

Also wéi gesot, mer stëmmen dee Projet a soe Merci fir d'Opmierksamkeet.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Halsdorf. An d'Wuert geet weider un den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP) | Merci, Här President. Ech mengen, eist Liewe gëtt ëmmer méi dominéiert vun der Informatik. Dat bréngt natierlech och gewësse Gefore mat sech. Dat erliewe mir selwer och hei an der Chamber. Mir wëssen, wat dat fir Konsequenzen huet, wann et zu Panne kënnt. An dowéinst ass et evident, datt ëmmer mussen Upassunge gemaach ginn, fir datt natierlech esou mann wéi méiglech virun allem confidentiel Donnéeën no bausse kënnen duerchréngen.

Cyberdefense, dat ass en Term, deem eis vläicht viru Joren nach net esou geleefeg war, deem awer elo ëmmer méi eng grouss Bedeitung kritt. Et kann ee scho bal soen, dat ass e bëssen eng nei Form vu Krich, an do muss een natierlech och ouni Zweifel gewappnet si fir d'Zukunft. De franséische Militärrministère, deem definéiert d'Cyberdefense als „ensemble des mesures techniques et non techniques permettant à un État de défendre dans le cyberspace les systèmes d'information jugés essentiels“.

Ech mengen, eist Land huet sech zu Recht an deene leschte Jore besonnesch op deem Niveau ganz staark entwéckelt. Net nëmme, datt mer jo en extrae Ministère kreéiert hunn, mir hunn doriwwer eraus eng Strategie entwéckelt, soudatt Lëtzebuerg, wéi gesot, an deem Beräich ganz kloer Spëtzerreider entre-temps ginn ass. Mir hunn entre-temps och e performanten Datenzenter opgeriicht.

Jiddefalls, mat dësem Projet beweist Lëtzebuerg ganz kloer, datt et déi modern Erausforderunge wëllt unhuelen, datt et sech wëllt do eng Image de marque ginn, an dat ass och richtig esou. An ech mengen, mir kënnen jo och schon ouni Zweifel op eng gewëssen Experienz an deem Domän zréckgräifen.

Et kann ee sech natierlech virstellen, datt deem neien Datenzenter, et ass virun hei schon ugeschnidde ginn, och ganz vill Energie brauch. Duerfir ass et interessant gewuer ze ginn, datt natierlech versicht gëtt, esou vill wéi méiglech op gréng Energie ze setzen, an datt och een Zenter kreéiert gëtt an net e puer Succursallen – oder Antennen, wéi een dat och ëmmer wëllt nennen –, well dat warscheinlech nach zu engem zousätzlechen Energieverbrauch gefouert hätt.

Wa mer elo iwwert de Käschtepunkt schwätzen, 250 Milliounen, jo, da kléngt dat a priori no enger héijer Depense. Mee et muss een dat jo awer anescht interpretéieren: Dat ass iwwer eng Zäitspan vun zwielef Joer, dat mécht also plus ou moins 29 (veuillez lire: 21) Milliounen d'Joer. Dat soll et eis jiddefalls als Land wäert sinn, fir an deem Beräich ze investéieren.

Ech mengen, och hei gëtt kloer bewisen, datt et richtig war viru Joerzénge, och déi fréier NAMSA, haut NSPA, op Capellen ze kréien. Dat ass eng wichteg Agence, déi natierlech och derzou bäidréit, datt mer um Niveau vun der Defense kënnen um internationalen Niveau eng ganz wichteg Roll spillen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll hei och nach eng Kéier ganz kloer ënnersträichen, a meng Partei steet ganz kloer dozou, datt Lëtzebuerg muss seng international Verpflichtungen erfëllen, besonnesch och um Niveau vun der NATO. Mir gesi jo grad elo an dësem Moment, datt d'NATO u sech eng gewësse Renaissance erlieft. All déi, déi nach viru Jore gemengt hunn, d'NATO wier gehierdout, mir bräichten eng NATO net méi, déi wäerte jo enges Bessere beléiert gi sinn. Just au contraire, mir brauchen an Zukunft nach vill méi eng staark NATO. An dann ass et wichteg, datt och e klengt Land wéi Lëtzebuerg säi Beitrag do liwwert.

Da si mer natierlech ganz séier och bei der Diskussioun ëm eise Beitrag um Niveau vun der NATO, dee jo de Moment bei plus ou moins 0,7 % läit. Do brauche mer eis net onbedéngt ze bretzen domadder. Et ass also nach Sputt no uewen. Och dee Projet hei ass also do wichteg. Dee reit sech do an, fir eise Partner ze weisen, datt Lëtzebuerg op ass, fir nach méi ze investéieren. An ech soen dat och ganz daitlech hei: Et ass zwar elo virgesinn, datt mer op plus ou moins 1 % solle kommen, mee dat soll awer net onbedéngt eist Endzil sinn. Mir sollen awer roueg driwwer nodenken, ob mer net eng Kéier fréier oder spéider kënnen iwwert dee Prozentsaz erausgoen, wuel wëssend, datt een natierlech eise PIB net onbedéngt ka gläichsetze mat dem PIB vun anere Länner.

Dat gesot, ass dat heiten awer e wichtige Projet, dee mer selbstverständlech als Demokratesch Partei voll ënnerstëtzen. Ech profitéieren och vun der Geleeënheet, fir der Madamm Empain Merci ze soen, datt si trotz där ganz spezifischer a komplizierter Matière et awer fäerdegbruecht huet, datt och esou ee wéi ech alles verstanen huet.

An an deem Sënn bréngen ech selbstverständlech och d'Zoustëmmung vun der DP. Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Graas. Da geet d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

Mme Lydia Mutsch (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Lëtzebuerg huet haut scho mat déi modernst a sécherst Datenzentere an ganz Europa. Wa mer awer dës Positioun wëllen halen a weider ausbauen, da mussen mer och weider an dee Beräich investéieren.

Eis national Sécherheet an eis Verdeedegung dierfe sech awer net just op de physische Raum beschränken. Am digitalen Zäitalter ass et evident, dass mer och am digitale Raum, also am Cyberspace, gutt opgestallt mussen sinn, fir kënnen matzehalen a fir virun allem och de Fonctionnement vun eisem Land, d'Resilienz vun eiser Economie an d'Interête vun eise Biergerinnen a Bierger ze schützen.

Ech wëll hei betounen, dass Cybersécherheet eis alleguerten eppes ugeet. Schon haut gi ganz vill vun eise perséinlechen Donnéeën stockéiert, digital gespäichert,

wat natierlech zu enger ganzer Rei vu Vulnerabilitéite ka féieren. An eisen Nopeschlänner gouf et, fir just dat als Beispill ze nennen, scho Cyberattacken op Kliniken, déi dunn eng ganz Zäit net fonctionéiere konnten an natierlech och Beanträchtegenge kannt hunn.

Mam Investissement an d'Luxembourg Cyber Defence Cloud, kuerz LCDC, maache mer e weideren an an eisen Ae wichtege Schratt, fir eis Cybersécherheet ze verbesseren, a virun allem och, fir eis Capacitéiten an deem Beräich ze erweideren. D'LCDC wäert haaptsächlech genotzt ginn, fir eis méi kritesch national Infrastrukture géint Cyberattacken ze schützen an eis Resilienz ze verbesseren. A gläichzäiteg maache mer, wéi och scho mäi Virriedner et gesot huet, eng ganz wichteg Kontributioun am Partenariat mat der EU an am Partenariat mat der NATO, notament an de Beräicher vun der Cyberdefensopolitik vun der NATO oder am Beräich vun der Sécherheestsstrategie vun der EU an der Cyberkriminalitéit.

Ech wëll ofschléissend der Rapportrice e grouss Merci soen. Si huet eis et natierlech erlaabt, dass mir konnte kuerz sinn, well si ganz ausféierlech an hirem Rapport war. An ech wëll och ofschléissend den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet mat op de Wee ginn a Merci soen.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Mutsch. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, villmools merci, Här President. Ech wëll och der Madamm Empain Merci soen. A mat där Begeeschterung, wéi si de Projet hei presentéiert huet, wéi mer dat vun där grénge Säit bei Rüstungsprojeten ëmmer gewinnt sinn, kënne mir och net Nee soen a mir wäerten dat hei och matstëmmen.

Just véier Bemierkungen awer vläicht, wat de Projet selwer ugeet, iwwert de Fong. D'Cybersécherheet, ech mengen, d'Madamm Mutsch huet jo och elo grad nach eng Kéier doriwwer geschwat, do si mer eis alleguer eens: Et ass hautzudaags an eisen Zäite guer net méiglech fir e Staat, deen Aspekt net wierklech héichzehalen. An dofir ass dat hei effektiv eng Kontributioun. Aner Kolleegen hunn och scho geschwat iwwert dee méi internationale Kader, an deem sech dës Initiativ beweegt. An och dat fanne mir wichteg. An dofir ass et, wat de Fong ugeet, eppes, wat mir op jidde Fall begrëissen.

Wat de Budget ugeet, do ass dat heiten en Investissement vu ronn 250 Milliounen, dat sinn 21 Milliounen d'Joer. Dat ass compte tenu vun der Natur vum Projet a vun der Wichtigkeet vum Projet an eisen Aen ze vertrieën. Dat ass eppes, wou mer kënne soen, dass dat eng sënnavoll Kontributioun zu engem Effort de défense ass, an och do hu mer dowéinst keng Bedenken. 250 Milliounen, wéi gesot, mee dat ass iwwer zwielef Joer verdeelt an dat schéngt eis rasonabel, d'autant plus, dass mer ënner grousssem Drock stinn, fir den Effort de défense vu Lëtzebuerg ze héijen. An dat heiten ass eng gutt Manéier, fir dozou bäize droen.

Mir hunn awer och zwou Froen un den Här Minister. An déi éischt Fro ass: Wat ass eigentlech déi national Notzung vun deem, wat mer maachen? Mir hunn hei eng Rei Iddien héieren an der Debatt bis elo, wéi dat soll genotzt ginn, dat steet allerdéngs esou net am Rapport. Am Rapport liese mer e Saz, deen ass e bësse schwéier ze verstoen. Do steet, déi Luxembourg Cyber Defence Cloud „LCDC pourra stocker des données classifiées (OTAN, UE et), an dann: „éventuellement aussi des données nationales) et non-classifiées.“ Wat heescht dat? Wat kënne mer wierklech?

Wat ass geplangt? Gëtt et e Konzept, wéi dat hei national soll genotzt ginn, wou eisen direkten Avantage ass? Oder ass dat eppes, wou vu virera gesot gëtt: „Bon, mir maachen hei eppes a mir iwwerloossen et eise Partner an Alliierten, fir déi Capacitéiten ze notzen?“

Mee dat Wuert „eventuell“ interpelléiert eis awer. Wa mer schonn déi Suen ausginn an esou eng Infrastruktur schafen, denke mer, muss e Konzept do sinn, wéi dat och national ka genotzt ginn, ëmsou méi, well och Virriedner op déi aktuell Geforen an deem Beräich opmierksam gemaach hunn.

Déi nächst Fro betrëfft dann déi finanziell Participatioun, déi Lëtzebuerg do mécht. Do ass och eng Partie, wat mer als „politique de siège“ kéinte bezeichnen am Interessi vun der NATO Support and Procurement Agency, déi op der Cap ass, Nofollger vun der NAMS, déi mer nach vu Kand u kannt hunn. Hei sinn 58,8 (veuillez lire: 58,5) Milliounen am Rapport genannt, déi mer do u sech fir d'Besoinen vun der NSPA virgesinn. A meng Fro ass do: Wéi gëtt dat bei der NATO ugerechent?

Well et gëtt jo u sech e separate Finanzéierungsschlüssel fir gemeinsam Infrastrukture vun der NATO. Gëtt dat doriwwer elo ugerechent, als eis Kontributioun am Verdeelerschlüssel vun der NATO selwer, well dat ass jo eppes, wat enger NATO-Agentur direkt zeguttkënn, oder gëtt dat op eisen nationalen Effort de défense ugerechent? Dat heescht, wat ass effektiv – ausser vläicht engem Gest am Kader vun enger Politique de siège – eigentlech déi Manéier, wéi dat agenciéiert ass, fir eis dat do urechnen ze loosseren am Kader vun deene Berechnungen am Effort de défense?

Dat gesot, ass dat hei eppes, wat mer als eng sënnavoll Initiativ gesinn, an d'ADR wäert dat och matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Merci der Madamm Empain fir de gudden schrëftlechen a mündlechen Rapport. Als digital Partei ass dat heiten natierlech eppes, wat eis ganz gutt gefällt. Hautzudaags ginn d'Konflikter oft informatesch gefouert an do musse mir eis als Lëtzebuerg gutt opstellen.

Ech hat och d'Diskussioun ugestouss an der Kommissioun, dass, wa mer esou eppes ugin, een och un d'Informatiker muss denken, well dat ass ee vun de Problemer, dass mer hei am Land leider ze wéineg Informatiker hunn. A wa mer der hunn, gi se meeschtens och nach a privat Entreprisé schaffen, well déi kënne nun emol e bessere Salaire bezuelen, wéi dat beim Staat de Fall ass. Mir haten déi Diskussioun jo och an der Kommissioun. Dat ass eeben eppes, wat een am A muss behalen, grad wann een esou Projeten ugeet, a virun allem, wann een d'Projeten an Zukunft nach wëllt ausbauen.

Dat selwecht ass och bei de Satelliten, déi allegueren Informatiker brauchen, fir se kënne ze bedreiwen. Dat ass sécherlech eng vun de gréissten Erausforderungen. An och mir Piraten sti ganz kloer zur NATO, mee fir eisen NATO-Verpflichtungen nozekommen, musse mer och un d'Informatiker hei am Land denken, well hautzudaags ass dat u sech déi modern Arméi. An do musse mer an der Educatioun ganz kloer eng Schëpp bäileen, fir dass mer an Zukunft net do stinn a keng Informatiker hunn, déi herno kënne alleguer déi dote Systemer bedreiwen.

A mir wäerten och haut deen dote Projet matstëmmen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier- a Verdeedegungsminister François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, Ministre de la Défense | Merci, Här President, fir d'Wuert a merci och der Madamm Rapportrice fir hire Rapport an dass mer hei Unanimitéit kréien. Dat ass wichteg bei deem heite Projet, well dat heiten, d'Cybersécherheet, de Cyberberäich, dat ass ee vun deene ganz weesentleche Beräicher, déi international definéiert gi sinn als wichteg fir d'Verdeedegung an déi national respektiv déi europäesch oder transatlantesch Sécherheet. Et ass an der Europäescher Unioun e wichtege Beräich an der Defense, mee och an der NATO ass et ee vun de Schlësselberäicher, deen elo och nach eng Kéier zu Vilnius wäert confirméiert ginn.

A well mer dat wossten a well mer och wossten, dass mir do vill Potenzial hunn, fir vu Lëtzebuerg aus kënnen e flotte Bäitrag ze leeschten, deen eis och als Lëtzebuerg am internationale Kontext eng grouss Visibilitéit gëtt, hu mer direkt scho virun e puer Joer decidéiert, déi Cyberstrategie ze entwéckelen. Dir kënnt Iech erënneren, déi hu mer och an der Kommissioun virgestallt, dat ass elo schonn eng Rei Joren hier.

An dat Zweet, wat mer do gemaach hunn – dat war dunn den éischte Schratt am Fong am Kader vun där Strategie, nodeem mer natierlech eng Ekip opgebaut haten an der Defense –, dat war déi „Cyber Range“. Wat ass elo déi „Cyber Range“? Nach eng Kéier zum Rappel: Dat ass am Fong en Trainingsschëssstand am Cyberberäich, wann een et esou wëllt huelen, wou wierklech kann trainéiert ginn, wéi ee ka Cyberugriff ofwieren an esou weider. An déi gëtt entre-temps och vill genotzt. Mir hate schonn Exercicer, och internationaler, déi do gemaach gi sinn. Also do si mer e gudden Schratt gaangen.

Dat hei ass elo deen nächste Schratt, dat ass, fir déi sécher „Cyber Cloud“ opzebauen, wou mer eeben haaptsächlech, ënner anerem, klassifizéiert Dokumenter kënne stockéieren a wou och kënne kloer Slotte virgesi sinn, dat just deen Accès huet, dee selwer dat wëllt dropsetzen. Dat geet vu wéi een iwwerhaupt do kann erakommen iwwer eng spezifesch Leitung bis zu dem Accès, wann ee wëllt an den Datacenter eragoen. Dat ass alles ënner NATO-Standard ofgeséichert, dofir ass dat scho wichteg.

Dann ass et esou, wat d'Personal ubelaangt, do wäerte mer sécher nach deen een oder anere mussen astellen, esougutt bei der Arméi wéi och an dem Ministère. Mee do sinn der schonn eng Rei ageallt ginn. Mee vu datt mer hei eng intensiv Zesummenaarbecht mat der NSPA maachen, gräfe mer vill zréck op d'Kompetenzen, déi do sinn, dat heescht, vill Saachen, personalméisseg gesinn, kréie mer vun der NSPA zur Verfügung gestallt. An duerfir ass et och esou – den Här Kartheiser huet gefrot, wéi mer dat unerkannt kréien, wat mer do iwwerhaupt investéieren –, dat kréie mer kloer als nationalen Effort de défense unerkannt. Also dat kënne mer gëlle loosseren, dat heescht, dee ganze Montant, deen der hei an der Enveloppe dran hutt, kréie mer ugerechent als e Beitrag am Kader vun der Berechnung vum nationalen Effort de défense.

Da wëll ech och soen, dass hei vläicht e bëssen e Mëssverständnis gewiescht ass bei eenzelne Leit: Mir bauen net selwer en neien Datacenter op. Mir hosten hei bei engem Datacenter. An Dir musst verstoen, aus Sécherheetsgrënn wëlle mer guer net soen, wou dat ass. Et ginn der och warscheinlech méi, mee bon, ech mengen, dat ass elo egal. Et geet drëms, dass dat

muss ofgeséchert gemaach ginn, an duerfir soll een och elo méiglechst net vill doriwwer schwätzen, wou dat genau ass. Et geet jo drëms ze evitéieren, datt probéiert gëtt, awer Attacken dorobber ze maachen.

Duerfir, dat Ganzt leeft natierlech an Zesummenaarbecht mat Partner, déi eeben deen néidegen Know-how hunn. An et ass, wéi gesot, eng grouss Demande do. Ech hu bei eise Partnerlänner ganz, ganz vill Interessi gesinn, also mir hu scho ganz vill Demandé virleien, soudatt se bereet sinn, mat eis zesummenzuschaffen.

An den Här Kartheiser freet jo no, well do steet „peut“ (veuillez lire: well do steet „pourra éventuellement“) och fir national Besoine gebraucht ginn: Et gëtt ganz sécher fir national Besoinen gebraucht. D'Armée wäert ganz sécher och kënnen drop zrëckgräifen, mee och aner Entitéite vum Staat, wa se dat brauchen, kënnen dat maachen. Also, ech mengen, et ass schonn à double usage.

Natierlech gëtt dat bei Wäitem net dee gréissten Deel, well ech mengen, dat, wat mer hei opbauen, do musst Der wëssen, datt dat, wat mir do wäerte maachen, och wa mer vill maachen, nach ëmmer ganz bescheiden ass par rapport zu deem, wat mer wäerten opbauen. Also, de groussen Deel vun de Suen, déi mer ausginn, ass natierlech, fir mat de Partner zesummen dat zur Verfügung ze stellen an dat dann natierlech och unerkannt ze kréien. Mee

selbstverständlich kënne mer et och national notzen, wa mer dat bauen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Verdeedegungsminister François Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8167. Den Text steet am Document parlementaire 8167².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8167 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen a kenger Abstention ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8167 est adopté par 57 voix pour et 2 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth (par Mme Octavie Modert), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi,

Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Frank Colabianchi) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispense vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnt muer de Moien um 9.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 16.38 heures.)

55^e séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

Sommaire	
1. Ouverture de la séance publique	p. 32
M. Fernand Etgen, Président	
2. Changement de composition d'une commission	p. 32
M. Fernand Etgen, Président	
3. 6054 – Projet de loi sur les associations sans but lucratif et les fondations	p. 32
Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue	
Discussion générale : M. Laurent Mosar (dépôt de la motion 1) Mme Carole Hartmann Mme Cécile Hemmen M. Roy Reding Mme Nathalie Oberweis (interventions de Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, et M. Sven Clement) M. Marc Goergen	
Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice (intervention de M. Laurent Mosar) Mme Nathalie Oberweis (parole après ministre)	
Vote sur l'ensemble du projet de loi 6054 et dispense du second vote constitutionnel	
Motion 1 : M. Sven Clement M. Charles Margue M. Laurent Mosar M. Dan Kersch Mme Nathalie Oberweis M. Roy Reding M. Sven Clement	
Vote sur la motion 1 (rejetée)	
4. Ordre du jour	p. 43
M. Fernand Etgen, Président	
5. 8033 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie	p. 43
Rapport de la Commission de la Justice : Mme Josée Lorsché	
Discussion générale : M. Gilles Roth (interventions de Mme Nancy Arendt épouse Kemp) M. Pim Knaff (intervention de Mme Nancy Arendt épouse Kemp) M. Dan Biancalana M. Fernand Kartheiser (interventions de Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice) Mme Nathalie Oberweis M. Marc Goergen M. Claude Wiseler (interventions de Mme Stéphanie Empain et Mme Nancy Arendt épouse Kemp)	
Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice (interventions de M. Claude Wiseler et M. Gilles Roth) M. Gilles Roth (parole après ministre) M. Marc Goergen (parole après ministre) Mme la Ministre Sam Tanson M. Gilles Roth (parole après ministre) Mme la Ministre Sam Tanson	
Mme Nancy Arendt épouse Kemp	
Vote sur l'ensemble du projet de loi 8033 et dispense du second vote constitutionnel	
Au banc du Gouvernement se trouve : Mme Sam Tanson, Ministre.	